

Remise du « Prix René Oppenheimer » au Lycée du Nord

9 novembre 2020

Discours de Madame Françoise Flesch

Professeure d'histoire au Lycée du Nord

E puer Gedanken zur Erënnerungsarbeit

Erënneren, sech erënneren, huet fir all eenzelen vun ons eng Bedeitung: Wa mer onse Verstuerven gedenken, oder viru Monumenter stinn, gëtt dat ons ëmmer nees op e Neits bewosst.

D'Erënnerung mécht ons zu Mënschen, zu deene Mënschen, déi mer sinn. Et sinn positiv a negativ Erënnerungen, déi ons formen an zu onsen Erfahrungen ginn. Et si Momenter, déi ons mat Gléck erfëllen oder déi ons Nuets net schlofe loossen.

D'Bestriewen d'Erënnerung oprecht ze erhalen ass sou al wéi d'Geschicht a genee sou al si Versich fir Erënnerung auszeläschen: schonns an der Antik goufen et Beispiller, wou bewosst de Numm vun engem onbeléifte Virgänger op Inschriften ausgemäerzt ginn ass.

De Numm spillt eng bedeitend Roll. Den Numm ass dat wat ons identifizéiert, zu ons gehéiert an un deen sech herno anerer erënnere kënnen.

Sou schreift de Jay Schiltz a sengem Buch „Aschengänger“:

„Mein Name ist Jakob Aschengänger. Weil man einen Namen haben muss unter all den Namenlosen. [...] Deshalb bin ich auch ein Zeuge der zweiten Generation, dem die Aufgabe gegeben ist, das Zeugnis weiterzugeben, das Zeugnis jener Menschen weiterzugeben, denen man alles nahm [...]

Mein Name ist Jakob Aschengänger und eine Weigerung des Wegsehens, des Wegdenkens. Jakob heiße ich der Vollständigkeit des Erinnerens halber, weil das Verbrechen neben dem Nachnamen auch einen Vornamen haben muss. Er steht für all die Jakobs ohne Namen.“

Läschen ech de Numm vun enger Persoun aus, dann ass automatesch d'Erënnerung un déi Persoun net méi méiglech.

D'Nazi-Diktatur huet dat erkannt an ëmgesat virun gutt 80 Joer: Eng Nummer amplaz vum Numm fir Häftlingen an de Konzentratiounslager fir de Mënsch ze

entmenschlechen; him seng Identitéit ze huelen. De Mënsch, reduzéiert op eng Nummer, „ein Stück“.

De Numm war z.B. d'Zentralthema vun der Ausstellung vum Alwin Meyer, déi hei am Lycée gewisen gouf: „Vergiss deinen Namen nicht: die Kinder von Auschwitz“ oder anescht formuléiert: „Vergesst uns nicht“.

D'Erënnerung oprechterhalen u säi Jong René, den am Alter vu 14 Joer zu Auschwitz vergaast gouf, war och dem Alfred Oppenheimer mat der Grënnung vu senger Fondatioun ganz wichteg: Erënnerung u säi Bouf, seng Famill an un vill anerer, déi en änlecht Schicksal erlidden hunn. Erënnerung dorunner zu wat Rassismus, Antisemitismus an Intoleranz féiere kënnen, dann, wann Demokratie, Mënschlechkeet, Toleranz a Respekt ausgeklamert goufen.

Et ass e wichtegt Uleies an der Erënnerungsarbeit, déi an de leschte Joren am Lycée du Nord gemaach gouf, fir de Lien mat deene Mënschen hierzestellen, déi ons eppes kënnen zielen iwwert d'Geschicht, iwwert hir Geschicht an déi vun aneren: Geschichte vu Wolz, vum Schumanns Eck, vu Fünfbrunnen, vu villen anere Plätzen...

Nieft de Fakten aus dem Unterrecht, déi néideg sinn fir Evenementer an hire Kontext ze setzen, huet sech ëmmer méi erauskristalliséiert, wéi beräichernd et fir Schüler ass an, an ausserhalb vun der Schoul, a Kontakt ze kommen mat Leit, déi mat hinnen zesammen des Rees an d'Vergangenheet kënnen ënnerhuelen.

Sou war et fir Schüler an de leschte Jore méiglech enger Rei Zäitzeien, sief et a Konferenzen oder an Interviews ze begéinen. Et ass d'ëscht ëmmer e staarken Echange ganz onofhängech dovunner, ob dat elo Zäitzeien vun der éischter oder zweeter Generatioun sinn. De leschten Temoignage un dem Schüler vu verschiddene Klassen deelgeholl hunn, war Freides virun der Vakanz, den Temoignage vum Paul Sobol.

Gelénkt et ons da nach Verbindungen hierzestellen, mat der Aktualitéit, dann entstinn formidabel a beräichernd Diskussiounen mat de Schüler. D'Schüler bannen sech hei an mat hiren Erfarungen, déi si an hirem perséinleche Rucksack matbréngen: Schüler mat hiren eegenen Familljengeschichten; Schüler déi zum Deel aus Länner kommen, déi vu Krich, Misär, Intoleranz oder Genozide betraff waren a sinn.

Mir kommen hei zu dem wat an der Erënnerungsarbeit ausschlaggebend ass: Wéi kann ech déi Jugendlech vun haut erreechen? Wat beweegt si? Wéi stellen ech e Lien tëscht hiren Erfarungen an deenen vun anere Mënschen, déi hinne friem sinn hir? Wat ziele mer de Jonken a wéi ziele mer dat, wann déi leschten Zäitzeien iergendwann net méi do sinn? Wéi kann ech si interesséiere fir Monumenter, déi erënneren un dat wat viru ville Joren geschitt ass a virun dem maanen wat zu Krich gefouert huet? Wou läit Verantwortung vun der Gesellschaft, der Schoul, vun all eenzele vun ons?

Op des Froen hu mer versicht Äntwerten ze fannen; an dat zesumme mat ënnerschiddleche Partner, déi ons bäi enger breeder Palett vun Aktivitéiten an der Schoul ënnerstëtzt hunn: de Naturpark Uewersauer, de National Liberation Memorial, de Militärmusée vun Dikrech, de Resistenzmusée, d'Témoins de la 2^e Génération, de Comité Auschwitz, MemoShoah, De Klénge Maarnicher Festival, den Zentrum fir politesch Bildung, de Comité pour la Mémoire de la 2e Guerre mondiale, de Prabbeli vu Wolz, d'Gemenge Wëntger a Woltz... (an ech hoffe keen vergiess ze hunn).

Et ass fachiwwergräifend a reegelméisseg geschafft ginn op Klassen vun ënnerschiddlechen Ordre d'enseignement a mat Schüler vun ënnerschiddlechen Alterskategorien:

- sief et am „Projet Interreg Land of Memory“, wou d'Iddi'en vun de Schüler berécksichtigt ginn fir de Gedenkpad um Schumanns Eck nei ze gestalten; an deem Projet hu mer duerch verschidden Aktivitéite versicht nei Weeër an der Gedenk- an Erënnerungsarbeit ze fannen;
- oder am „Projet Rucksakbibliothék“ wou d'Zilsetzung war, déi Jonk ze sensibiliséieren an dat wat si erschafft hunn weiderzerechen un aner Jonker aus anere Schoulen;
- oder zu Fünfbrunnen, wou d'Schüler Workshops zu Themen vu gëscht an haut ugebuede kréien: Verfolgung, d'Situatioun am sougenannten „Jüdischen Altersheim“, Migratioun, de Sentier des passeurs ... De leschte Workshop huet ëmmer an der Kapell stattfonnt. Hei konnten d'Schüler ënnerteneen Gedanken zum Dag austauschen, Gedichter virlesen a kruten e musikaleschen Abléck an de Concert-Memoire, den Sonndes virdu stattfonnt huet. Sou hunn d'Schüler dann och de Jeannot Sanavia kennegeléiert, den haut dës kléng Feier musikalesch encadréiert;
- donieft konnten sech d'Schüler u villen anere Projet'en bedeelegen : d'Partizipatioun un der „Journée de la Mémoire de l'Holocauste et de la prévention des crimes contre l'humanité“; Studiereesen an ehemolech Konzentrationslager, Visiten vun Ausstellungen ausserhalb awer och innerhalb vum LNW. Zu den Ausstellung, déi am LN organiséiert goufen, zielen z.B.: „Between Shade and Darkness“, „Vergiss deinen Namen nicht: die Kinder von Auschwitz“, „Neue Wege der Gedenk-und Erinnerungsarbeit“, „Wiltz: Cité Martyre“ oder d'Ausstellung vun Schülerearbeiten, wéi déi, déi am Kader vun der Rucksakbibliothék entstane sinn.
- De Lycée huet sech aktiv u Gedenkfeieren bedeelegt: schonns 1995 bäim Nationale Streikmonument; déi lescht Joren um Schumannseck oder zu Fünfbrunnen.

- Am Januar dëst Joer hu Schüler an engem World Café un ënnerschiddleche Workshops deelgeholl. Si hunn sech mat folgenden Theme beschäftegt:
 - o Militärkierfechter (Workshop vum Musée National d'Histoire militaire)
 - o Propaganda (Workshop vum Zentrum fir politesch Bildung)
 - o Monumenter an Erënnerungsarbecht (Workshop vum Lycée du Nord)
 - o Schumann'Eck, an interactive documentary (Workshop vum Centre for Contemporary and Digital History (C²DH))

Des Workshops waren eng Präparatioun fir d'Table ronde „Blumen, Kränz a Gerben 2.0 – Wou bleift d'Erënnerungsarbecht?“, déi de selwechten Dag nomëttes stattfonnt huet.

Resuméiere kann een Demarchen vum Lycée mat folgender Ausso:

„Lycée du Nord – connecting past, present and future“.

A wann hei niewendrunn um Plakat als 11. Gebot steet: „Don't be indifferent. Indifference kills“, da géing ech haut nach gären en 12. Gebot dobäisetzen:

„Sei nicht unwissend!“

An dëst mat engem Wénk op de Nelson Mandela, deen sot:

„Bildung ist die mächtigste Waffe, die man benutzen kann, um die Welt zu ändern.“

E ganz grouse Merci un d'Fondatioun René Oppenheimer fir haut d'Effort'en vum Lycée am Beräich Gedenk- an Erënnerungsarbecht ze wüdeggen a mat engem Präis auszezeechnen. Den Datum vun haut ass wuel mat Beduecht gewielt, well op dësem Dag, virun 82 Joer, an der Nuecht vum 9. op den 10. November 1938, d'Synagogen an Däitschland an an Éisterräich gebrannt hunn, Geschäfte a Wunnenge vun Judden zerstéiert goufen a Judden ermort goufen.

E grouse Merci un d'Schüler, déi Interessi weisen fir déi ënnerschiddlech Projet'en, a sech mat abannen. Vereenzelt Schüler sinn haut och hei am Sall. Et si si, déi sech herno un dat erënneren wat si geléiert hunn an d'Erënnerung dorunner viruginn.

E Merci un Direktioun an un d'Enseignant'en, déi des Pojet'en ënnerstëtzen an natierlech un déi ënnerschiddlech Partner, déi bered sinn fir mat Schüler ze schaffen an dat néideg Vertrauen a si setzen.

An ofschléissend e grouse Merci dem Här Jeannot Sanavia, deem des Feier
musikalesch encadréiert.

Seng Musek soll elo nach emol zu Wuert kommen.

Merci